BANQUE RAIFFEISEN, société coopérative
Bestëmmt och Dir mat.
D'Raiffeisen ass eng Genossenschaftsbank an dat ännert alles!
Gitt och Dir Member andeems Dir eng Part Sociale fir 25 € ënnerschreift a profitéiert vu villen Avantagen! Bei der Raiffeisen sidd Dir nämlech net nëmme Client vun enger Bank. Dir sidd gläichzäiteg och Koproprietär.
Méi Informatiounen op itsmybank.lu
Gitt Koproprietär fir 25 €
Raiffeisen
D'Bank déi hire Membere gehéiert




Wo steuern Sie hin?
Bausparen – Steuern sparen
Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651
Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.
BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu
BHW

# Wann d'Léierpersonal Pompjee spille muss

## Hëllef zur Selbsthëllef

### D'Ausgangslag

„De Philippe ass nees am Gebai ënnerwee." „De Philippe huet gëschter d'Jongentoilette ënner Waasser gesat." „De Philippe stéiert dauernd de Cours." „Ech sinn um Enn mat den Nerven a sti kuerz virum Opginn." „Mäi Beruff mécht mir keng Freed méi an et ass nach just e Kampf fir mech." Wee kennt se net, sou Sätz? Mëttlerweil gehéieren déi leider zum Alldag an eise Schoulen. Hëllef kritt ee just stonneweis, wann iwwerhaapt, ass et eng Dräps op de waarme Steen, well en akute Mangel u spezialiséiertem Personal besteet.

Wee fänkt da lo eis EBS Kanner op? Ween hëlt se do of, wou den Enseignant eleng u seng Grenze stéisst? An net ze vergiessen, wee këmmert sech ëm eis Enseignanten, déi kuerz virum Burnout stinn, déi hire Beruff just nach als Mussesaach ugesinn, déi doduerch och de Kanner keng Freed méi kënnen un der Schoul vermëttelen? ***De Bien-Être vun alle Bedeelegten ass um Déifpunkt an et ass kee Liicht um Enn vum Tunnel ze gesinn.***

### ETEP: En Hëllefsmëttel, fräi nom Motto „Hëllef dir selwer…"

### Entwicklungstherapie/Entwicklungspädagogik

Et gëllt also, **sech selwer ze hëllefen** an ze versichen, eis Kanner vun Ufank un sou ze guidéieren, datt et guer net zu deenen Hiobsbotschafte kënnt.


Genee dat huet sech och d'Veiner Schull geduecht, wéi sech am Kader vum PDS ganz kloer rausgeschielt huet, datt d'Wuelbefanne vum Léierpersonal am roude Beräich ass. Mir waren eis eens, datt an der Schoul alles steet a fält mat de Leit um Terrain. Fillen déi sech am Stach gelooss, hëlleflos an iwwerfuerdert, kënnt den Däiwelskrees sou richteg op Touren an um Enn ass d'Schoul eng Plaz, wou souwuel d'Kanner wéi och d'Léierpersonal just nach drop waarden, datt et schellt oder datt déi nächst Vakanz virun der Dir steet.




© ENTWICKLUNGSTHERAPIE/ENTWICKLUNGSPÄDAGOGIK, ETEP EUROPE, (2001).

### Et gi 5 grouss Ziler verfollegt:

- D'Ëffentlechkeet soll e Verständnis fir d'emotional Bedürfnisser vun de Kanner kréien an eng Iddi vun de Ressourcen, déi den Enseignantë/Erwuessenen zur Verfügung stinn.
- Erwuessener, déi mat Kanner schaffen, sollen e Bild dovu kréien, wéi eng Roll si hunn a wéi eng Verantwortung si droen, fir eng gesond sozio-emotional Entwécklung ze férderen.
- Elteren a Fachpersonal sollen hir Fäegkeeten, déi zu enger gesonder sozio-emotionaler Entwécklung bäidroen, ausbauen.
- Kanner a Jugendlecher sollen hir sozio-emotional Kompetenzen a verantwortungsbewosst Verhalen op- an ausbauen.
- ETEP soll a verschiddene Beräicher, déi zur gesonder sozio-emotionaler Entwécklung bäidroen, effizient ugewant ginn.




Den integrale « Corps enseignant » vu Veianen huet sech doropshin, no Récksprooch mat der Regionaldirektioun Dikrich (DR 14), déi vun Ufank un de Projet ënnerstëtzt a begleet huet, a mam «Centre pour le développement socio-émotionnel - CDSE», an d'ETEP-Formatioun ageschriwwen.

Wat ass ETEP? **ETEP** steet fir **„Entwicklungstherapie/Entwicklungspädagogik"** a soll Erwuessener dobäi ënnerstëtzen, de sozial-emotionale Bedürfnisser vu Kanner a Jugendlechen op spezifesch Aart ze begéinen, fir datt e gesonde sozio-emotionale Wuesstum garantéiert ass a fir datt verantwortungsbewosst Verhale ka gefuerdert ginn.

### Wat heescht dat lo an der Praxis?

No deene **4 Leetgedanke** soll ETEP gelieft ginn:

**De Bléck op d'Stäerkte riichten:**
Et schéngt logesch, datt een e Kand éischter erreecht a férdert, wann een de Bléck op seng Stäerkte riicht an et net permanent mat sengen Defiziter konfrontéiert an op deene ronderëmreit. „Dajee, bass du nach ëmmer net mam Exercice!" **ETEP seet:** „Ech gesinn, du hues scho 5 Sätz geschriwwen!" D'Fortschrëtter spigelen: „So Philippe, gesäis de, de Paul sëtzt haut richteg brav op senger Plaz a schafft!" De Fokus also op dat leeën, wat d'Kand scho kann, scho geleescht huet an et sou uspanen, weiderzeschaffen.

**Der Entwécklungslogik no handelen:**

Et muss ee sech bewosst ginn, a wéi engem Entwécklungsstadium e Kand sech befënnt (dëst ass méiglech mat Hëllef vum ELDiB – Entwicklungspädagogischer Lerndiagnosebogen) an et soll ee seng Ziler / Ufuerderungen, déi een un dat Kand stellt, deem Entwécklungsstand upassen, egal wéi al d'Kand ass.

„O mei, lo stees du nach ëmmer net an der Rei, all déi aner waarden hei just op dech!" **ETEP seet:** „Ech gesinn, de Philippe steet schonn an der Rei an ass fäerdeg fir op de Bus ze goen!" Et geet een also op den Entwécklungsstand vun engem Kand an, wat „onerwënscht Verhale" weist, fir et iwwert dee Wee dozou ze kréien, sech dann och an d'Rei ze stellen, schliisslech wëllt dat Kand jo net dat sinn, wat de ganze Betrib ophält.

**Freed an Erfolleg garantéieren:**

**ETEP seet,** datt een de Kanner soll eng Erfollegsgarantie ginn, fir datt et Freed um Léieren huet, spréch, et soll een d'Ziler sou setzen, datt all Kand herno en Erfolleg kann opweisen. Konstruktiv Verännerungen entstinn dann, wann ubruechte Verhalensweisen a Bezéiunge perséinlech befriddegend Resultater bréngen. „Dajee Philippe, dee Puzzle ass dach net sou schwéier, gëff dech mol drun!" **ETEP seet:** „Hei Philippe, hei ass e Puzzle fir dech, ech si mir sécher, dee kriss de hin!" Datt dee Puzzle manner Stécker oder einfach méi grouss Stécker huet suergt fir en Erfollegserliefnis beim Kand, dat sou motivéiert gëtt, sech och mol un déi méi schwéier Puzzelen erunzetrauen.

**Fir bedeitsam Erfarunge suergen:**

Léiere geschitt duerch Ereegnesser, déi souwuel vu perséinlecher wéi och vu gesellschaftlecher Bedeitung fir d'Kand sinn. Sou ass et beispillsweis fir de Philippe perséinlech wichteg, datt hien net deen eenzegen ass, deen nach muss vun der Joffer d'Schong gestréckt kréien, hie wëllt jo net den Aussenseiter sinn. A wéi integréiert fillt de Philippe sech réischt, wann e sech moies selwer kann undoen, e Stéck Autonomie opweises huet, déi an eiser Gesellschaft sou wichteg ass. Et soll een de Kanner also d'Méiglechkeet ginn, Fäegkeeten ze entwéckelen, déi se herno zu engem vollwäertegen Deel vun eiser Gesellschaft maachen.

cdse Centre pour le développement socio-émotionnel

**Responsabel Formateure vum CDSE :**

- **Christine Bausch,** zertifizéiert ETEP Trainerin a Léierin
- **Pierre Birgen,** zertifizéirten ETEP Trainer a Pädagog
- **Raoul Koenig,** zertifizéierten internationalen ETEP Trainer a Psycholog

## Oflaf vun der Formatioun

- 32 Stonnen Theorie (gehal vun de Leit mat enger Trainerausbildung aus dem CDSE)
- 3 Hospitatiounen (individuell oder am Duo)
- e Froebou vun 100 Froen iwwer ETEP beäntwerten

Am Fall vun der Schoul Veianen war d'Theorie op 4 Samschdeger verdeelt, dëst zu jee 8 Stonnen.

8 Stonne kritt een zousätzlech als Formatioun ugerechent, fir sech an den theoretesche Volet eranzeliesen.

Mécht een eng Hospitalisatioun eleng, muss een 1 Unitéit virbereeden, mécht een se zu zwee sollen et 2 Schoulunitéiten sinn.

No all Hospitatioun kritt een e wäertschätzenden awer kritesche Feedback vum jeeweilegen ETEP-Trainer.

An der leschter Hospitatioun, gëtt de Froebou vum Trainer verbessert a wa Bedarf ass, gëtt dee beschwat.

**Den ETEP-Effekt**

De Projet gouf wëssenschaftlech begleed vum Dr. Cyril Wealer, Chercheur am CDSE, mat Support vum Grupp fir kognitiv a sozio-emotional Entwécklung op der Universitéit Lëtzebuerg ënnert der Leedung vun der Dr. Pascale Engel de Abreu.

Haaptfro vun der wëssenschaftlecher Etüd: Spieren sech Léierpersounen déi un der ETEP Formatioun deelgeholl hunn, méi sécher am Ëmgang mat Kanner mat sozio-emotionale Besoine wéi Léierpersounen déi déi Formatioun net gemaach hunn, an op een doduerch ee positiven Effekt op d'Wuelbefanne vun de Léierpersounen an déi sozio-emotional Entwécklung bei de Kanner gesäit.

Oflaf:

Auswäertung tëschent 2 Schoulen
- Veianen – Interventiounsschoul
- Lëntgen – Kontrollschoul

- 2 identesch standardiséiert Froebéi zum schoulesche a sozio-emotionale Verhale vun de Schüler.
- D'Léierpersonal aus deenen 2 Schoulen hutt d'Froebéi emol virun der Formatioun an emol no der Formatioun komplettéiert (Oktober/Juni).
- D'Resultater vun deenen 2 Schoule goufen um Enn vun der Formatioun ausgewäert a matenee verglach.

No der ETEP-Formatioun huet sech eng tendenziell Verbesserung vum Bien-Être ënnert dem Léierpersonal agestallt.

Vue datt eis Formatioun souguer wëssenschaftlech begleet ginn ass vum Dr. Cyril Wealer, Chercheur am CDSE, konnt dës Verbesserung och statistesch nogewise ginn.

D'Enseignantë fillen sech am Allgemenge méi sécher am Ëmgang mat EBS Kanner, wat e positiven Effekt op si selwer an awer och op d'Kanner huet. ETEP ass feste Bestanddeel vun eisem Schoulalldag ginn, all Klass hëlt sech souvill ETEP Elementer wéi néideg a lieft déi am Klassesall.




*Tafelbild vun zwou « ETEP-Unitéiten » an engem C4*
***Lénks:** De genauen Oflaf vun der Aktivitéit un der Tafel visualiséiert (Repèrë fir d'Kanner)*
***Pictogrammen lénks:** Stonnenziler déi bei de Kanner fir déi Aktivitéit „aktivéiert" ginn*
***Riets:** Den Dagesoflaf mat de Fächer*

Mir sinn eis bewosst, datt ETEP keng Garantie ass, fir e reiwungslosen Oflaf an och an eiser Schoul gëtt et nach wéi vor Situatiounen, déi net sou verlafen, wéi se sollen, mee mat Hëllef vun ETEP a senge Strategië gëtt eis awer Villes erliichtert. E weidere positiven Effekt hat dës Formatioun op eis als Corps Enseignant. Mir sinn zu enger richteger Eenheet zesummegewuess, déi sech géigesäiteg ënnerstëtzt, zesummenhält a gestäerkt de Schoulalldag meeschtert.

Ganz nom Leetfuedem „Preventioun amplaz Reaktioun" (*cf. Artikel *„E System a säi Personal stoussen un hir Grenzen"* aus dem Bulletin 01/24) hu mir eis zu eiser eegener „Taskforce" ausgebilt. D'Leit an eise Schoule gi mëttlerweil selwer proaktiv vir a stiechen extrem vill Gedanken, Energie a méiglech Ressourcen a schoulesch Projeten, fir ënner anerem eis Kanner mat sozio-emotionale Besoinen sou gutt et geet opzefänken. Dëst ass ganz sécher eng méi wéi néideg a beispillhaft Approche, fir Krisesituatioune beschtméiglech a präventiv ze ëmgoen, mee oft net méi wéi eng Noutléisung, well et den eigentleche Problem net bei der Wuerzel péckt.

D'Schoulpersonal eleng kann déi ëmmer méi komplex Erausfuerderungen, déi zum Deel ganz sécher och gesellschatfsspezifescher Natur sinn a sech ëmmer méi an eisem Schoulsystem verankeren, net eleng meeschteren. Hei brauch et de Courage a virun allem eng gewëss «Volonté politique», fir engem Paradigmewiessel d'Dieren opzestoussen, fir esou e flächendeckenden, proaktiven a performante Preventiounssystem « à long terme » ze garantéieren.

An der Schoul versiche mir, eise Kanner ëmmer ze vermëttelen, datt ee sech net soll mam Minimum zefridde ginn, datt et wënschenswäert ass, op e „Niveau avancé" hinzeschaffen. Dëst wier nawell en erstriewenswäert Zil fir d'Leit an deene méi héije Positiounen an eisem Bildungswiesen, well och do soll sech net um „Niveau socle" ausgerout ginn, mee et gëllt, eis sëllege Baustellen an de Schoulen zesummen an am Dialog mat de Läit um Terrain an Ugrëff ze huelen.

Am anere Fall bleift ze fäerten, datt d'Enseignanten an eise Schoulen trotz engem immensen Opwand duerch divers virbildlech Eegeninitiativen op nationalem Niveau, weider d'Kap vum Beruffspompjee matdroen. Dem Léierpersonal säin Job ass et net fir d'éischt, Dag fir Dag Bränn ze läschen, iert se iwwerhaapt mat hirer eigentlecher Aarbecht kënnen ufänken: Schoul halen!



De Philippe Herman ass Enseignant am Cycle 4, President vum Comité d'école, École fondamentale Veiner Schull a Member vun der Assemblée des délégués am SNE/CGFP


EMILEFRISCH
Iwwerall ënnerwee
Autocars Emile Frisch
Tél. (+352) 49 61 51-1
www.emile-frisch.lu
info@emile-frisch.lu


renovation.lu
Handwierk aus Lëtzebuerg
Profitéiert vun der Sonn an dem gudde Wieder fir de Beräich baussen ronderëm d' Haus ze veränneren!
20 JOER
288 308
www.renovation.lu


COMPLIANT EU GDPR COMPLIANT
DIMMI
Wielt DIMMI
An Europa sinn Är Date sécher!
Schonns iwwer 22.000 Persoune schaffen all Dag mat Dimmi.
Test Dimmi gratis an onverbindlech!
EDUCDESIGN
Kontaktéiert eis fir méi Informatiounen:
EducDesign s.a. / +352 26 51 61 / support@dimmi.lu



# boesner

KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER

Alles was kleine Künstler brauchen

- Über 28.000 Artikel
- Staffel- und Großhandelspreise
- Lieferservice
- Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum

**boesner GmbH Perl**
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr

Auf 3.200 m² alles was Kunst braucht

Frankfurt
Mutterstadt
Perl
Saarbrücken
Trier

www.boesner.com

MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES
RUMELANGE

# Entdeckt 3 km Minn mat der Gouwebunn & zu Fouss







- fir Gruppen bis 31 Leit an interactiv Visitte fir d'Kanner dat ganz Joer
- fir indiviuell Visiteuren vun Abrëll bis Juni an am September: vun Donneschdes bis Sonndes
- am Juli an August: vun Dënschdes bis Sonndes
- vum Januar bis Mäerz an Oktober bis Dezember all Sonndeg

Detailléiert Informatiounen:
**www.mnm.lu**

# Un investissement judicieux avec Apple.

Pour les responsables pédagogiques, la transformation numérique a un prix. Pourtant la prise en compte de facteurs déterminants permet d'envisager un investissement judicieux pour les élèves, le corps enseignant, le service informatique et l'ensemble de la communauté scolaire.

**Conçus pour durer**

Constitués de matériaux résistants, les appareils Apple sont à la fois robustes et légers pour être emportés partout sur le campus. Avec les performances énergétiques de la puce Apple, l'autonomie incroyable d'une journée et les mises à jour logicielles régulières, l'iPad et le Mac défient le temps.[1]

**Valeur résiduelle après 4 ans[2]**

20% iPad
25% MacBook Air

**Productivité**

L'interface intuitive du Mac et de l'iPad permet aux élèves et au corps enseignant d'utiliser rapidement le matériel pédagogique nécessaire.

+30% de temps d'enseignement récupéré grâce à Apple[3]

Les appareils Apple conservent une forte valeur résiduelle. Ils peuvent être remplacés lors de mise à niveau comprenant des solutions avec options de récupération des coûts et de réinvestissement.[2]

**Énergie**

Sobres en énergie, les appareils Apple permettent aussi d'alléger le budget énergétique des établissements.

**Environnement**

Les appareils Apple sont conçus pour être hautement recyclables.

100% aluminium recyclé
45% matériaux recyclés
80% moins de plastique

Bénéficiez d'une expertise approfondie pour vous guider dans la prise de décisions stratégiques et la définition d'investissements spécifiques. Contactez dès maintenant notre équipe éducation.

[1] L'autonomie de la batterie varie en fonction de la configuration et de l'utilisation. [2] Les valeurs de reprise varient en fonction de l'état, de l'année et de la configuration de votre appareil éligible. De plus amples informations sont disponibles auprès de notre équipe éducation. [3] The Total Economic ImpactTM of Apple Devices for K-12 Education, une étude commandée par Apple et réalisée en janvier 2023 par Forrester Consulting, qui utilise une organisation composite de 10 000 élèves pour représenter les écoles et les établissements d'enseignement des États-Unis dont la taille et les ressources sont similaires.

lineheart.lu/education · +352 44 68 44 - 340 · education@lineheart.lu

LINEHEART

Authorised Education Specialist



5K
Existe en
75"/86"/105"
Tableau interactif
Speechi
L'impression d'écrire comme sur du papier
avec tous les avantages du numérique.
› Écriture et dessin directement sur l'écran
› Utilisation intuitive
› Précision et réactivité de l'écran
› Cours animés et créatifs
› Logiciels de présentation et d'annotation inclus
CK Office technologies
by Charles Kieffer Group
Audiovisuel - Impressions
Scanning - Finitions de documents
Solutions - I.T. - Digitalisation
Document Process Outsourcing
Services personnalisés
Charles Kieffer Group
ck.lu




AudioVisual Concepts
by ELECTRO-CENTER
We Are Providing
Solution for
Education System
Learn, Engage, Inspire
Crafting your audiovisual experience !
Business concept
Whiteboards
BOYD (Bring Your Own Device)
Interactive Flat touchscreens
Document camera
TV screen
Projectors for education
Flipchart
We work with
OPTOMA / EPSON / AIRSERVER /
CHAMELEONWRITING / SMIT-VISUAL
AudioVisualConcepts
24, Z.A.C. Klengbousbierg
L-7795 Bissen
Tel: +352.28.80.89-305
Email: contact@audiovisual.lu
web: www.audiovisual.lu




sne éditions
Nous imprimons
pour vous en
offset & digital
- Matériel didactique
- Layout
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite /
Cartes de remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c et dos carré collé)
- Roll-up
- Mise sous enveloppes / Publipostage
- Mise sous plastique
- Pelliculage mat et brillant
www.sne.lu • shop@sne.lu

# Formation continue IFEN : Code D4-e-92

## Inconvenient Truths : Ekoziden am Kino

**Formateur / Referent :** Yves Steichen, Filmhistoriker am CNA




Yves Steichen

### Objectifs / Zielsetzung

**Savoirs :**
Les participant/e/s connaissent les liens entre cinéma, culture populaire et sphère politique.

**Savoir-faire :**
Les participant/e/s sont capables de:
- analyser la production cinématographique dans son contexte historique
- déchiffrer les messages politiques et idéologiques des films dans leur époque
- savoir illustrer une leçon/un cours à l'aide d'extraits filmiques.

**Attitudes :**
Les participant/e/s sont amené/e/s à appréhender le film comme outil de l'éducation aux médias.





### Contenu / Inhalt

Mam Term „Ekozid" ginn am wäiteste Sënn all méiglech Zorte vu Stéierunge vum ekologesche Gläichgewiicht an Naturzerstéierungen duerch Ëmweltverschmotzung bezeechent. D'Ursaachen dovu kënne vilfälteg sinn: exzessiven Ressourcenofbau, Waasser- a Loftverschmotzung, Krich a Radioaktivitéit.

Am Kino gëtt et zumools säit den 1970er-Joren eng kloer Tendenz, reell a fiktional Ëmweltkatastrophen, -verbriechen a -skandaler an d'Suitten dovu fir eenzel Communautéiten oder d'Mënschheet als Ganzes opzegräifen a filmesch ze verschaffen.

Vum Documentaire iwwer de Katastrophekino bis bei de Justizdrama bitt d'Konferenz en Iwwerbléck iwwer déi markantste Filmer, déi sech mat ënnerschiddlechste Forme vun Ekoziden auserneegesat hunn.

### Approche méthodologique / Arbeitsformen

Filmvortrag und Diskussion

### Informations pratiques / Praktische Hinweise

**Modalité :** Présentiel

### Date et heure / Termin

**Date :** le jeudi 6 juin 2024 de 18h30 à 20h30

**Lieu :** Syndicat National des Enseignants - SNE/CGFP - Salle des conférences

# Formation continue IFEN : Code B2-g-94

## Comprendre, soutenir et accompagner les élèves à besoins spécifiques en classe : focus TDA/H


Yves Demoulin

**Formateur / Referent :** Yves Demoulin, psychopédagogue, chargé de cours associé à la FLSHASE (UNI.LU), directeur du Centre Arborescence (BE)

## Contexte / Kontext

Le jeune atteint de TDA/H (Trouble Déficitaire de l'Attention avec ou sans Hyperactivité) fait d'énormes efforts pour se concentrer et rester calme à l'école.

Ces efforts ne se voient pas toujours, mais ils sont bien présents et intenses. Malgré ceux-ci, ses résultats scolaires sont souvent inférieurs à ses capacités. Les conséquences sont ressenties plus encore lorsqu'une ou plusieurs comorbidités s'ajoutent (ex. troubles de l'apprentissage).

Il semble opportun à l'heure où l'inclusion résonne de plus belle que les enseignants puissent se doter de stratégies pour mieux gérer ce type d'élève en classe (compenser les déficits, mettre en place des solutions).

## Objectifs / Zielsetzung

**Savoirs :**
Les participant/e/s connaissent :
- le périmètre théorique et clinique des TDA/H
- le mode de diagnostic des TDA/H
- les signes majeurs chez les élèves
- les stratégies adéquates à adopter
- les répercussions psychoaffectives.

**Savoir-faire :**
Les participant/e/s sont capables de :
- repérer les difficultés spécifiques de l'élève TDA/H et les indicateurs qui permettent de repérer le trouble (il ne s'agit en aucun cas d'établir un diagnostic)
- comprendre les répercussions dans la vie quotidienne, dans les activités scolaires et les aides pouvant être apportées à l'élève TDA/H
- réfléchir aux moyens de compensation et à la mise en place des adaptations nécessaires permettant à l'élève TDA/H de développer les mêmes compétences que les autres élèves.

**Attitudes :**
Les participant/e/s sont amené/e/s à :
- développer une observation systématique et une meilleure compréhension du fonctionnement perceptif, cognitif et social du jeune TDA/H
- réfléchir sur leur rôle d'enseignant/e en ce qui concerne leur soutien aux jeunes TDA/H
- intégrer le contenu de la formation et l'adapter à leur contexte professionnel.

## Contenu / Inhalt

- Hyperactivité ou enfant agité ?
- comment apprivoiser le TDA/H ?
- stratégies à mettre en place dans sa classe
- développer l'estime de soi et les habiletés sociales des élèves TDA/H.

## Approche méthodologique / Arbeitsformen

Cette formation alterne différents types d'apprentissages :
- enseignement théorique via des exposés avec supports
- illustrations par des exemples (photos, vidéos...)
- présentation de matériel et/ou de documentation pour la prise en charge
- moments d'échanges interpersonnels.

## Informations pratiques / Praktische Hinweise

**Modalité :** Présentiel

## Date et heure / Termin

**Date :** le mardi 18 juin 2024 de 15h00 à 17h00

**Lieu :** Syndicat National des Enseignants - SNE/CGFP - Salle des conférences

# SNE Events

Léif KollegInnen

Fir d'lescht virun der grousser Vakanz melle mir eis via Bulletin zu Wuert. De 27. Juni wëlle mir den neie **« Stade de Luxembourg »** méi genee ënnert d'Lupp huelen. Déi genee Detailer fannt dir an der faarweger Këscht an dësem Bulletin. Den Datum vun eisem nächste **« Bistrot littéraire »** steet nach net fest, genee sou wéi d'Informatiounen iwwert eis Konferenzen. Déi kënnt Dir all am Septemberbulletin liesen.

Déi annoncéiert Féierung duerch de **CNA** kann aus terminleche Grënn vu Säite vum CNA net stattfannen. Mir kucken, ob a wéi mir dat nohuelen.

Voilà, dat am Kuerzen iwwert d'Aktivitéite vum Groupe de Travail «sne seniors». Vun eiser Säit nach eng schéi Vakanz.

## Bistrot littéraire: « Tëschent den Zeilen »

### Liesung mam Jemp Hoscheit

34 interesséiert Leit, souvill wéi nach ni, hu sech e Méindeg, de 23. Mäerz um 18 Auer zu Weimeschkierch getraff, fir dem Jemp Hoscheit nozelauschteren.

*De Jhemp Hoscheit, 1951 zu Esch gebuer, war Proff am Péitenger LTMA an am Escher LGE. Auteur vu Romaner, Cabarets- an Theatertexter, Kanner- a Jugendbicher op Lëtzebuergesch. Bis elo huet hien drësseg Bicher publizéiert, dorënner sechs Romaner an zwielef Kannerbicher. Fir säin éischte Roman* ***Perl oder Pica*** *krut den Auteur 1999 de Servais-Präis. Den autobiographesche Roman ass 2005 vum Pol Cruchten verfilmt ginn. Den Auteur krut fënnef mol de Lëtzebuerger Buchpräis an ass bei siwen nationale Literaturconcoursen ausgezeechent ginn.*

Ëmsou méi gespaant ware mir all, wat de Jemp Hoscheit eis an den 80 Minutten Lecture géif bidden. Et goung u mat Auszich aus verschiddene Bicher, kleng Sequenzen, déi éischter zum Nodenken ugereegt hunn. D'Stëmmung ass awer méi an dat lëschtegt ëmgekéiert, wéi hien op «Fréier» ze schwätze koum. Ech erënnere mech ...






- ... un d'Kopien op der Alkoholsmaschinn
- ... un déi sténkeg Tafelschwämm an de Gummisdëppercher
- ... un d'Rechemaschinn mat de gréngen Zifferen
- ... un den Haustelefon mat der gekréngelter Schnouer
- ... un de Poesiealbum an un déi «flott» an «originell» Spréchelcher, déi mir dodra geschriwwen hunn
- ... un d'Hippieskleeder a -frisuren an, an, an...

Spéitstens do war d'Äis gebrach an no 90 Minutten, wéi de Jemp Hoscheit fäerdeg war, wéi d'Glieser op en Neits gefëllt gi sinn a wéi déi gehäerzt an déi séiss Mäifelcher op den Dësch koumen, war d'Stëmmung am Bistrot sou, wéi mir et déi Kéiere virdrun och schonn erlieft hunn.

An elo scho freeë mir eis op den nächste «Bistrot littéraire».

## Stade de Luxembourg

Entdeckt déi nei Heemecht fir d'Lëtzebuerger Footballnationalekippen, souwuel vun den Damme wéi och vun den Hären an och déi vum Rugby. Bei där Visitt gesi mir net nëmmen d'Spillfeld mam «hellege» Wues mee virun allem de Bléck hannert d'Kulissen ass interessant: d'Installatioune fir d'SpillerInnen, fir d'Press, fir d'Notabilitéiten. Mir ginn interessant Detailer iwwert de Bau, iwwert déi technesch Installatiounen, iwwert de Lëtzebuerger Sport an iwwert Momenter, déi Sportsgeschicht geschriwwen hunn. An da wäerte mir gesinn, dass de «Stade de Luxembourg» sech net virun anere Stadien op der Welt verstoppe muss.



### Stade de Luxembourg « Visite guidée » op Lëtzebuergesch

**Zilgrupp:** all Membere vun SNE an hir/e Conjoint/e; Prioritéit fir Memberen ab 55 Joer

**Dauer:** 60 min + X; no der Visite offréiert den SNE Gedrénks an Tapas

**Datum:** Donneschdeg, de 27. Juni um 16h00

**Plaz:** Entrée vum Stade de Luxembourg, 100, boulevard de Kockelscheuer (Parking P&R , Bus 5, 18, 20, 22, 27)

**Zuel: max** 20 Persounen

**Umeldung: events@sne.lu oder 48 11 18-1 virum Freideg, 14. Juni um 16h00.**

(D'Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun; eng Waardeléscht gëtt gefouert.)

Andeem ee sech fir dës Aktivitéit umellt, ass een automatesch averstanen, dass een op eng Foto am Bulletin oder op den elektronesche Säite vum SNE/CGFP ka gesi ginn.

# Mam SNE/ CGFP op d'Didacta zu Köln (24.2.2024)
















MUSÉE «A POSSEN»

**Kultur a Geschicht vun der Musel**



**Kreativ Ateliere fir Kanner**

**De Musée « A Possen » bidd Thematelieren souwéi individuell Offeren fir Schoulklassen un.**

Méi Informatiounen kritt
Dir op eisem Internetsite : **www.musee-possen.lu**

Ufroen a Reservatiounen op : **info@musee-possen.lu**

2, Keeseschgässel
**L-5405 Bech-Kleinmacher** (Gemeng Schengen)
**(+352) 23 69 73 53**

**Méi séier informéiert**

Suivéiert
d'CGFP op **Twitter**

**@Cgfp_lu**

sne éditions

Ihr kompetenter Partner in Luxemburg
für jede Art von Druckmedien
in Druckvorstufe,
Offset- und Digitaldruck

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg
www.sne.lu

Kontaktieren Sie uns: **shop@sne.lu**

LEARNING by DOING

Nouvelle gérance

de votre spécialiste de la papeterie :
matériel scolaire (meubles, matériel didactique et éducatif, jeux extérieurs, ateliers sportif et artistique...), livres, accessoires de loisirs créatifs, jeux pédagogiques et jouets ...



30, avenue François Clement
L-5612 Mondorf-les-Bains

+352 26 67 19 25 ou 691 59 74 29 (nouveau numéro)
info@lbd.lu - www.lbd.lu

Ouvert du lundi au vendredi de 9h à 12h et de 13h30 à 18h

# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum


**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.


La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.
Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.


Mäi Choix

syndicat national des enseignants cgfp


Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants

11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56


## Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
dpo@sne.lu

### Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ........ Prénom ........ Date de naissance ........

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ........ Promotion (année) ........ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ........

Commune / Localité de travail ........ Nom de l'école ........

**Domicile :** Numéro ........ Rue ........ Code postal ........ Localité ........

Adresse électronique ........ Téléphone / gsm ........

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ........ Date de naissance ........ Catégorie : cf tableau ci-contre ........

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ........

auprès de CCP / établissement bancaire ........

Date ........

Signature ........

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2024 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | cotisations SNE + CGFP = Total | par mois | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | 130 € + 50 € **= 180 €** | **15 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>**= 334 €** | **15 €**<br>**12,83 €**<br>**27,83 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €** | | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | **0 €** | | --- |
| Cat. R | Membre retraité:<br>Ménage de 2 membres affiliés: | 50 € + 35 € **= 85 €**<br>85 € + 85 € **= 170 €** | **7,08 €** | ---<br>--- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE


ernster
l'esprit livre
ERNSTER
Familjenbetrieb
sait
135 Joer!
MORE THAN BOOKS
A LONG TRADITION
order@ernster.com | +352 22 50 77 1 | www.ernster.com




| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
|---|---|
| Envois non distribuables à retourner à:<br>L-3290 BETTEMBOURG | Port payé<br>PS/161 |